



## „Du lands nach op der Rumm!“

't gouf fréier gesot, an 't héiert een et och haut nach; eng Prophezeiung, einfach dohinner geplättelt, dohinner gebass. Se kann engem ënnert d'Häut goen. Sou eppes gët jo meeschens zu jéngere Leit gesot; dann as d'Häut nach méi dënn, nach manner gegierft.

Dem Aloys Hopp war et vläicht ni ugedreet gin, mä 't huet villes drop higewisen, datt d'Rumm séng lescht Statioun géif. Hie war souzesoen op der Schietsäit vum Liewe gebuer gin, an da weist d'Sonn sech bal ni; s'as bei sou Leit nët virprogramméiert.

Den Aloys war vu vira mol där hellster keen. Wéi en äus der Primärschoul räusgewuess war, hat en et just bis an d'véiert Schouljoer gepackt, an dat wat en u Liesen a Schreiw mat Bengel a Rutt agebleet kritt hat, dat as an de Joren duerno nees séier verluer gaangen. Um Enn konnt hien

nach just säin Numm maachen, gelies hat en zënterhier ni méi eppes. Hie war, och wann et dat hei haut seele gët, en Analphabet.

Séng Mamm huet gemengt ze wësse firwat, an huet sech Virwërf gemaach. Si hätt nimools dierfe bei den Zännokter goen an sech eng Sprëtzt maache loossen; deemools, wéi s'iwwert dem Aloys war. „Dofir as de Bouf zrëckbliwwen“, sot se méi wéi eng Kéier an as zäitlievens bei där Meenung bliwwen.

„Eisen aarmen Aloys“ huet de Papp nach gekeimt, wéi deen der scho siwwenzeg hat an awer nach ëmmer de Baueren d'Schong an d'Päerdsgechir gefléckt huet. Den Aloys war du schon ugaangs véierzeg an as zu Fouss „op d'Fabrëck“ getrëppelt. Do war e vu véierzéng Joer un Handlaanger, an e war dat och nach, wéi en d'Pensioun krut. Zwëschemduerch war en dräimol entlooss gin, well d'Fabrëck nët genuch Aarbecht hat, mä e gouf ëmmer nees agehallt. Bei sénger Aarbecht war e geschéckerlech wéi keen zweeten.

't war eppes Onheemlech un him: Hien huet ze soen nët geschwat, a Leit, déi hien nët kann hun – op der Keelebunn, méngewegen – hun hie poullricht fir e Stëmmche gehalen. Déi, déi hien op der Keelebunn kann hun, hun hien op d'Baier räusgeschéckt; déi hat hien am Aarm, dee lénksen an de rietsen. Mä, wann de Keelebouf mol äusgefall as, dann huet den „Aly“, wéi se n en am Duerf geruff gouf, missen d'Keelen opriichten. Dofir krut en dann e puer Su, mä en as dobäi meeschens iwwert d'Ouer gehae gin.

An deem klengen Heeschapp hat en sech eng richtig Feldschmëtt ageriicht an huet do mat gliddegen Eisen op engem schwéieren Amboss

hantéiert. Op der eegener Huwwelbänk huet e kleng Miwwelen zesummegezammert; no Zeechnungen, déi e selwer gemaach huet. Well dat konnt en; dat hat en deenen äus der Fabrëck ofgekuckt. A wantesch iwwer huet en an der Stuff beim Kolonnenuewe geschnëtzelt oder Kierf gemaach, an dobäi dee Viz gedronk, deen en am Hierscht gekeltert hat. De Kelter hat e selwer gebaut, an d'Fässer äusschwiewelen, dat konnt en och.

Wéi Papp a Mamm dout waren, koum den Aloys e puer Häus méi rof bei d'Mai an de Stot. D'Mai war séng Schwëster, 't war mam Wëllem bestuet, an déi zwee hate just e Bouf. Fir dee klenge Mars war de „Monni Aly“ e klengen Herrgott, well deen alles maache konnt, wat een als Kand gebräucht huet: e Schlitt, e Schnéimännchen, en Draach, egal.

Mä heinsdo, wann de Bouf am Bett louch, huet et ënnen an der Stuff gerabbelt. „Mer hun nees Reklamatioune kritt“, huet de Wëllem meeschens ugefaangen. Séng steemetzesch Fäisch louchen dobäi schwéier um Dësch, an da war d'Mai nët sou kéng, fir sech anzemëschen. D'Reklamatioune waren ëmmer déiselwech: Dee verhouerten Hoppen Aly hat et nees gewot, engem Meedchen nozegoen an deem onerhéiert Schwéngereien ze pëspere. „Nach eng Kéier“, huet de Wëllem da gebierelt, „da flitts de hei räus!“

Den Aloys souz dann um Stull, huet un séngen Neel geknat, säi Viz gedronk, en Apel geschielt, de Radio geläuschtert a kee Wuert geäntwert. Eng Kéier hat de Schwoer hie riicht an d'Gesicht gefacht; en as ouni ze mucksen op d'Kummer gaangen.



Photo: Guy Hoffmann

De Mars as grouss gin, gouf bestuet, goug aus dem Häus, an d'Mai as fréi gestuerwen. Vun engem Dag op deen aneren war de Wëllem leng mam Aloys: zwéi pensionéiert Männer, déi laanschteen geschlach sin, wéi wann s'allebéid kee Mond opkrite; e Joer laang. Du sot de Wëllem zum Mars, e soll nees heem wunne kommen, 't misst nees eng Fra an d'Häus.

„D'Fra“ war d'Monique, d'Schnauer. De Wëllem hat dem Aloys virdrun de Krich ugekënnegt: „Wann s de der eng Kéier eng bei deem erlaabs, da bas de dobäussen; a pass gutt op, alen lesel deen s de bas, dat huet Hoer op der Zong!“ Den Aloys huet sech keng erlaabt, mä enges Sonndes sot d'Schnauer: „Sou, mir féieren dech lo op d'Rumm, mer hun der alles agepaakt.“

Méi sot et nët; de Mars sot näischt, de Wëllem sot näischt, den Aloys och nët. Dem Mars as et onheemlech virkomm. De Wëllem sot, d'Pensioun kéim weider heem, mä hie krit all Mount säin Täschegeld geschéckt.

De Mars hat säi Büro an der Stad. Enges Daags as en erfieert, wéi en duurch d'Fenster gesouch, datt de Monni Aloys bäussen an der Strooss stoug a rop op den éischte Stack gekuckt huet. „Dee wäert jo lo nët hei rakommen! Lo huet dee scho räusfonnt, wou ech schaffen.“

Den Aloys koum nët ran, mä de Mars huet hien nach méi wéi eng Kéier an der Stad begéint; och a Bistroyen. Meeschtens souz den Aloys leng un engem Dësch an huet eng Zoossisschmier

giess a war schon am hellen Nomëtteg voll. De Mars huet sech dann ëmmer séier verfuusst.

De Wëllem an d'Schnauer gesouchen den Aloys och nach eng Kéier; duurch d'Fensterchen an der Häusdir, wéi e geschellt a geklensch huet. E muss den Zuch geholl gehat hu fir heem. Se hun him nët opgemaach.

„Wann e stierft, da kënt en nët an eist Graf leien!“, sot de Wëllem zum Monique. „Ech wëll nët hun, datt deen herno beim Mai a bei mir läit. Se kënnen en um Fetschenhaff begruween.“

Mä souwäit war et nach nët. Den Aloys hat der réischt 68, an de Wëllem goug e puer Joer virun him. De Mars wollt den Aloys fir op d'Be-griefnes siche goen, mä d'Monique war dergéint.

De Mars huet e puermol gesinn, datt den Aloys duurch d'Stad gefatzt as, an datt en all Kéier eppes geschleeft huet; e Kuerf, eng geschnëtzelt Kiirch, seguer e geschnëtzelt Segel-schéff mat allem Drëm an Drun. E muss Leit fonnt hun, deenen e sou eppes verklappe konnt. Irgendwéi huet dat de Mars erlichtert. – Bis en en Telephon vun der Rumm krut, säi Monni wir well e puer Deeg verschwonnen; ob en nët bei hinnen doheem wir. 't huet bal aacht Deeg gedauert, bis de Wëllem dem Mars gesot huet, 't hätt eng Klinik aus der Stad ugeruff, se hätten den Här Aloys Hopp do leien; ob nët vläicht mol een no deem Mann kucke kéim.

„Hei bas d'also“, sot de Mars, wéi en de Monni besiche goug, dee mat nach zwéin aneren op engem Zëmmer louch. D'Infirmière wouss näischt vun der Rumm; se hätte misse kucken, wat a sénge Pabeiere stéing; do stoug näischt vun der Rumm dran. De Mann wir ënnert en Auto komm, 't wir awer nët weider schlëmm.

Wéi de Mars den Aloys e puer Deeg méi spéit zrëck op d'Rumm gefouert huet, du as en sech es nët zoukomm. „Do bas de jo nees, Aly!“, huet e Pätterche gelaacht, ouni d'Päif aus dem Mond ze huelen. Um Zëmmer stoug dem Aloys säi Schnëtzgeschir; dernieft e Millchespill. „An der Millche schléit keen den Aly“, sot dem Aloys säin Zëmmerkomerod zum Mars.

„Komm mat“, sot den Aloys, „ech weisen der eise Gaart“. De Mars as erfieert. Souvill hat de Monni Aloys nach ni beienee geschwat. „Den Aly hätt misse Gäertner gin“, sot den Oekonom zum Mars bei de Staachebounen. „E misst dat jo nët maachen, mä hien as eppes wéi en Handkes-selchen“.

„Ech kommen dech déi aner Woch eng Kéier sichen“, sot de Mars, „da gi mer zesammen iessen.“ Den Aly huet mam Kapp jo gewénkt.

't koum nët méi derzou. De Mars huet et vergiess. En huet sech réischt drun erënnert, wéi se him vun der Rumm ugeruff hun, säi Monni wir gestuerwen; einfach sou. Nom Mëttegiessie wir en nach an de Gaart getrëppelt, an do hätten se hien an engem Pad fonnt. Wuer en da begruewe géif.

De Mars war deen eenzegen, deen um Fetschenhaff derbäi war, wéi den Aloys begruewe gouf. „Se ware frou mat him op der Rumm“, sot de Paschtouer zum Mars.

Owes sot de Mars zum Monique, 't wir awer nët an der Rei, datt se mol keng Doudesan-nonce an d'Zeitung gesat hätten. „D'Rumm?“, frot d'Monique. „Neen, mir“, sot de Mars.